

Luxemburger Wort

«DräiFaarwen» am Beetebuerger Schlass

Déi gutt al Zäite vu Lëtzebuerg?



Maddy Dürrer (D'Bomma Finni) a Rosalie Maes.

FOTO: KALEIDOSKOP THEATER

[\(#\)](#)

Veröffentlicht am Sonntag, 17. Mai 2015 um 08:00

Vum Franck Colotte

Déi éischt Virstellung vum Roger Seimetz sengem Theaterstéck „Dräi Faarwen“ war viru Kuerzem am Beetebuerger Schlass, an enger feierlecher Inszenéierung vum Jean-Paul Maes. D'Programmation 2014/15 vun der Theatergrupp „Kaleidoskop Theater“ ass op sozial a politesch Themen zentréiert. Dëst néit Stéck stellt eng wichteg Fro: huet en zu Lëtzebuerg an den drësseger joere besser gelieft?



Foto: Kaleidoskop-Theater

<#>

D'Boma Finni – gespillt vum Mady Dürrer, déi mat enger iwwerzengender Komik den Text gedroen huet – feiert hiren 100. Anniversaire am Beetebuerger Schlass: fir dës Geleeënheet huet hir jonk a sympathesch

Urenkelin Sophie – interpretéiert vun der begabter Rosalie Maes – e Fest organiséiert, un deem de Publikum, deem d'Roll vun den Invitéen iwwehëllt, selwer deelhëllt: et gëtt applaudéiert, gelaacht an och vill gesongen, populär Lidder vun der Zäit tëschent den zwee Weltkricher.

D'Bühn ass feierlech dekoréiert an den Zuschauer gëtt mat deene musikaleschen Arrangementer (vum Balli Baldauff) an eng lëschtég, geselleg, awer och bësseg-gëfteg Atmosphär matgeleet, an zwar déi vun den drësseger Joren, wou viles – sozial, politesch, gesellschaftlech gesinn – geschitt ass.

D'Boma Finni ass gutt gelaunt, si drénkt gären eng Kippchen, erzielt Geschichte aus de sougenante „gutt alen Zäiten“ vu Lëtzebuerg, wou si selwer jonk war. Si bréngt esou dem Sophie bäi, wat an där mouvementéierter Zäit geschitt ass, wéi d'Regierung vum „Jos“ – de Staatsminister Joseph Bech – op déi villfälteg Kris an op déi revolutionär Iddie vun de Kommunisten reagéiert huet, wéi d'Leit mat de verschidene politesche Visiounen eens gi sinn, wéi déi Nopeschlänner – Frankräich, Däitschland – dat klengt Lëtzebuerger Land beaflosst hunn, wéi den Antisemitismus sech ronderëm entweckelt huet.

Foto: Kaleidoskop-Theater

(#)

Mat der Hëllef vum Schampes zielt d'Boma Finni ëmmer weider, ass fir d'Sophie wéi en illustréiert liewegt Geschichtsbuch, obwuel si heiansdo Datumen an Nimm verwiesselt! D'Krichs-an-Okkupatiounszäit war och

onroueg, mat den Denonciatioune vu Judden, mat de Kollaborateuren, déi dem Feind gehollef hunn, mat Mentalitéiten, déi d'Sophie net kennt, an déi d'Boma Finni mat Humor, Ironie a Sarkasmus beschréift.

Esou mecht si déi Diere vun der Vergaangenheet mat Lidder, Anekdoten an Explikatiounen op hir Aart a Weis op: als Zeien vun der Zäit wou si an enger Verwaltung hir administrativ Aarbecht geleescht huet – wou och verschidde Lëschte vu Kommunisten, vu Judden an der Perspektiv vun der Denonciatioun opgestallt gi sinn, analyséiert si hir Jugendzäit net mat den Ae vum Historiker; si bezeit eng Zäit, wou d'Lëtzebuenger um Qui-vive waren an hunn oft missten séier op heikel mënschlech, politesch ëmstridde Situatioune reagéieren. Et ass net esou evident, d'Leit an d'Evenementer a verschidden Tiräng ze sortéieren!

Dem Roger Seimetz säi Stéck invitéiert den Zuschauer, an zwar op eng partizipativ Aart a Weis, vläicht e méi nuanciéierte Bléck op der Boma Finni hir Zäit – déi fir Lëtzebuerg entscheedend ass – ze geheien. Dës Revisitatioun wäert jiddereen intresséieren, deen Ofstand par Rapport zu dëser Zäit gewanne wëll. Eeler Leit geheien oft en nostalgische Bléck an d'Vergaangenheet, mat der Hoffnung, déi schéin Ërennerunge vun deemols ëremzefannen. Deemools war et besser ... oder net! All déi Verännerungen, déi Evolutiounen vu gëschter hänken nach ëmmer, wéi en Damoklesschwäert, iwwert jidderengem vun eis.

Weider Virstellungen: de 17. Mee (17.30 Auer) an 20., 21. a 22. Mee (20 Auer) am Bettebuerger Schlass.

<http://www.kaleidoskop.lu/> (<http://www.kaleidoskop.lu/>)